I

Positiounspabeier

Beschloss um Landeskongress 2012.1

Thema:

Wahlen och fir Net-Lëtzebuerger zougänglech maachen!

Den Undeel vu Mënschen ouni lëtzebuergesche pass läit am Moment bei iwwer 42% vun der lëtzebuergescher Gesamtbevëlkerung a klëmmt Joer fir Joer weider. Dës Mënsche si gréisstendeels vum politesche Prozess ausgeschloss an hu kee Wahlrecht bei de Nationalwahlen. D'Piratepartei setzt sech dofir an, dass di politesch Meenung vun dëse Bierger bei de Wahle Gehéier fënnt an domadder d'Parlament tatsächlech di lëtzebuergesch Bevëlkerung vertrëtt. Sou ass et fir eis och onverständlech, wisou et Mënschen an eiser Gesellschaft ginn, déi zu Lëtzebuerg liewen, schaffen a Steiere bezuelen, allerdéngs net aktiv un der Gestaltung vum Staat matwierken dierfen.

Duerch en Wahlrecht fir Net-Lëtzebuerger gëtt och eng wiesselsäiteg Integratioun virubruecht. Dës wäerten sech nämlech méi staark fir Lëtzebuerg a seng Politik interesséiere fir hiert Wahlrecht sënnvoll asetzen ze kënnen an d'lëtzebuergesch Politik wäert sech zwangsleefeg méi mat hire Problemer beschäftegen.

Fuerderungen

- Mir fuerderen eng automatesch Aschreiwung an d'Wielerlëschte fir Net-Lëtzebuerger, an domadder hiert aktiivt Wahlrecht, bei Nationalwahlen, déi schonn iwwert eng Dauer vun enger nationaler Legislaturperiod hiren 1. Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn. Fir dat passiivt Wahlrecht ze kréie gëtt weiderhinn di lëtzebuergesch Nationalitéit virausgesat.
- Ausserdeem fuerdere mir, dass Net-Lëtzebuerger, déi mindestens ee Joer hiren 1. Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, duerch en eegestännegt Aschreiwen an d'Wielerlëschten dat aktiivt Wahlrecht scho virum Oflaf vun der uewen erwähnter Dauer (eng Legislaturperiod) kréie kënnen.